ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 JAN. 2019
198

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Nieft deenen Elteren, déi hir Kanner selwer doheem versuergen, ginn et haut aus ënnerschiddleche Grënn vill Elteren, déi hir Kanner an enger Dagesstruktur oder bei Dageseltere betreie loossen. Den nationale Bildungsbericht verschaaft ënner anerem en Abléck an d'Zuelen, déi d'Notzung an d'national Offer u Plazen an esou Dagesstrukturen duerleeën.

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär folgend Froe stellen:

1) Wéi vill Kanner vun 0 bis 12 Joer mat abegraff si rezent zu Lëtzebuerg ugemellt?
2) Am Joer 2017 waren dem nationale Bildungsbericht no 55,5% vun de Kanner, gemooss un der Gesamtbevëlkerung, zu Lëtzebuerg an enger Struktur vun der non-formaler Bildung ugemellt. Kann den Här Minister dës Zuel no Alterskategorië präziséieren? Sinn dem Här Minister och d'Zuele vun 2018 bekannt?
3) Den Ausbau vun de verfügbare Plazen a Kannerdagestrukturen huet zu engem intensivéierten Notze vun dëser Offer gefouert. Mat wat fir engem Impakt op dës Zuele rechent de Minister duerch d'Aféiere vun der gratis Kannerbetreiung baussent de Vakanzenzäiten?
4) Am Schouljoer 2016/17 waren dem nationale Bildungsbericht no 4615 Kanner hei zu Lëtzebuerg am Precoce ugemellt. Sinn dem Här Minister och d'Zuele vum Schouljoer 2017/18 an déi rezent Zuele vum aktuelle Schouljoer 2018/19 bekannt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 4 février 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 198 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Laut STATEC sinn op den 1. Januar 2018 84.418 Kanner vun 0 bis 12 Joer zu Lëtzebuerg ugemellt. Dëst sinn déi aktuellst Chifferen déi am Moment disponibel sinn. Vun dëser Gesamtzuel vun 84.418 Kanner sinn 46.848 Kanner (Stand Dezember 2017) d.h. 55,5% am System vum *chèque-service accueil* (CSA).

**Ad 2)**

Vergläicht een déi aktuellst Chifferen vum STATEC (Stand Januar 2018) mat den aktuellsten Chifferen vum CSA (Stand Dezember 2017), da verdeelen sech Kanner no Alterskategorie folgendermoossen:

| Alter: | Zuel vun de Kanner an % |
|---|---|
| 0 | 23 % |
| 1 | 64 % |
| 2 | 73 % |
| 3 | 67 % |
| 4 | 64 % |
| 5 | 64 % |
| 6 | 62 % |
| 7 | 63 % |

| | |
|---|---|
| 8 | 60 % |
| 9 | 58 % |
| 10 | 54 % |
| 11 | 47 % |
| 12 | 18 % |

**Ad 3)**

Opgrond vun der steigender Nofro ass d'Offer vu Plaazen an de Kannerdagesstrukturen ausgebaut ginn.

Am Joer 2017 hunn 2/3 vun den Kanner (vgl Äntwert 2) vun der Offer am non-formalen Bildungsberäich profitéiert. Et ass schwéier virauszegesinn, welch Auswirkungen d'Gratisstonnen op d'Fréquentatiounszuelen wäerten hunn.

**Ad 4)**

Am Schouljoer 2017/2018 ware 4.389 Kanner am Précoce an der ëffentlecher Schoul ageschriwwen.

Am Schouljoer 2018/2019 sinn aktuell 4.192 Kanner ageschriwwen. Dës Zuel wäert allerdéngs nach an d'Luucht goen, well et op enger Rei Gemengen eng zweet Rentrée gëtt fir déi Kanner, déi am Laf vum Schouljoer 3 Joer kréien.



Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse